N° 4043
Entrée le 05.05.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.05.2026
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/05/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

An Holland erlieft de sougenannte „Schlumpf-Spray" – eng Douse mat bloem Liewensmëttelfaarfstoff, déi beim Versprëtzen opschäimt an dem Ugräifer kuerz d'Siicht hëlt, wärend d'Faarf bis zu dräi Deeg op Haut a Kleeder hänke bleift – zënter dem Mord un engem 17-järege Meedchen zu Amsterdam am August 2025 eng enorm Nofro. Zu Lëtzebuerg – wéi och an Holland, der Belsch an an Dänemark – falen de Pefferspray oder aner Tréinegas-Sprayen ënner d'Kategorie vun den illegale Waffen, wou de Besëtz mat enger Geldstrof vu 25.001 bis 500.000 Euro oder enger Prisongsstrof vun 3 bis 8 Joer bestrooft ka ginn.

Dëst huet an Holland dozou gefouert, datt vill Leit, besonnesch Fraen, no legale Selbstverteidegungsalternativen sichen – an zum Schlumpf-Spray gräifen, well dëse keng reizend Stoffer enthält a rechtlech anescht ageuerdent gëtt wéi Pefferspray.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Fält e Spray, deen ausschliisslech Liewensmëttelfaarfstoff a keng reizend Stoffer enthält, ënner d'Loi du 2 février 2022 sur les armes et munitions – a wa jo, ënner wéi eng Kategorie?
2. Ass de Besëtz, de Kaf an d'Matdroe vun esou engem Faarfspray am ëffentleche Raum zu Lëtzebuerg legal?
3. Wéi evaluéiert d'Regierung d'Benotzung vun esou engem Spray am Kader vun der Noutwier (Art. 416 Code pénal), besonnesch am Hibléck op d'Duebelwierkung – kuerzzäiteg Siichtbehënnerung wärend dem Ugrëff op der enger Säit, a der méi-deegecher Markéierung dono op der anerer Säit?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

4. Sinn der Regierung Fäll bekannt, wou e Faarfspray zu Lëtzebuerg scho benotzt ginn ass?

5. Plang d'Regierung, d'Thematik vun de legale Selbstverteidegungsmëttelen – notamment Pefferspray a seng Alternativprodukter – am Kontext vun der perséinlecher Sécherheet ze evaluéieren, an dat virum Hannergrond vun den Debatten, déi a verschiddene Länner (Holland, Däitschland, Éisträich, Schwäiz) dozou gefouert ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten